



N°7115
Entrée le 03.11.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 03.11.2022

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg den 2. November 2022

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Verkéiersminister weiderzeleeden.

Am Artikel *"20 Jahre Punktführerschein: ein Erfolgsmodell?"*, deen den 31. Oktober am Lëtzebuerger Wort publizéiert gouf, heescht et, dass den Här Verkéiersminister zäitno och wëll Radaren aféieren, déi kontrolléieren, ob en Autoschauffer iwwert dem Fieren telefonéiert. An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro Nummer 6500 hat den Här Minister awer rezent nach geschriwwen: *"Zum jëtzege Zäitpunkt sinn awer keng aner Modeller vu Radare geplangt déi aner Infractiounen solle kontrolléieren wéi déi déi aktuell do sinn"*. Zu der Wierksamkeet vun de Radaren huet den Här Minister ënner anerem dat hei geschriwwen: *"Woubäi festgestallt ginn ass, dass an der Period vun 2012 op 2017 op 7 Strecken d'Eventualitéit vun Accidenter erofgaangen ass, op 9 Strecken déi Eventualitéit niddreg ass an op 3 Strecken se héich bliwwen oder esouguer erofgaangen ass"*.

An deem Zesammenhang géif ech dem Här Verkéiersminister gär dës Froe stellen:

- 1) Kann den Här Minister matdeelen, wou an ob wéi eng Manéier déi zousätzlech Radare sollen installéiert ginn a preziséieren, ob et sech ëm komplett Neiinstallatiounen oder en Update/Upgrade vu bestoenden Anlagen handelt?
- 2) Kann den Här Minister matdeelen, wéi vill Accidenter während de Joren 2013 bis 2021 noweislech op onerlaabt Telefonéieren um Steier zeréckzeféieren waren a wéi dacks dobäi Leit blesséiert goufen, respektiv ëm d'Liewe koumen?
- 3) Kann den Här Minister elaboréieren ewéi eng Verbesserung hien sech vun dësen Zuele fir den Zäitraum 2023 bis 2035 duerch déi zousätzlech Radaren erwaart?
- 4) Kann den Här Minister matdeelen, ob a wéi wäit virgesinn, ass, dass d'Leit d'Installatioun vun enger Freisprechanlag zukünfteg steierlech kënnen ofsetzen, fir de Chaufferen nieft dem repressive Volet och e positiven Ureiz ze ginn, fir de Code de la Route nach besser ze respektéieren?
- 5) Kann den Här Minister déi offensichtlech Diskrepanz tëschent där zitierter Ausso aus der Presse an der Äntwert op déi parlamentaresch Fro elaboréieren a preziséieren, wéi hien op déi Manéier d'Veutraue vun all deene Bierger wëll erëmgewannen, déi besonnesch duerch d'Entwécklung vun deene leschten zwee Joer virun enger ëmmer méi déifgräifender Iwwerwaachung duerch de Staat warnen?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten



Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 7115 vum 3. November 2022 vum Här Deputéierten Jeff Engelen.

Den honorabelen Deputéierte stellt sech eng Rei Froen am Zesammenhang mat enger eventueller Aféierung vun automatesche Radaren déi kontrolléiere kënnen, op een um Handy ass wann e fiert.

Wéi schonns a menger Äntwert zur parlamentarescher Fro No n°6538 (an net wéi den honorabelen Deputéierte schreift n°6500), suivéiert de Ministère mat grousem Interessi déi Radaren déi am Moment am Ausland entwéckelt ginn, sech awer gréisstendeels nach an der Testphase befannen.

An deem vum honorabelen Deputéierten zitéierten Artikel kann een Folgendes no liesen: *“(...) Außerdem werde man bei der Kontrolle der Handynutzung am Steuer in Zukunft auf technische Hilfsmittel setzen. (...) Bei der Frage wie wir das angehen können, sind wir aber noch im Diskussionsstadium”*.

Et huet sech also näischt un der Ausso aus der Äntwert zur genannter parlamentarescher Fro geännert. Ech erlabe mir an dem Zesammenhang och op meng Äntwert op déi parlamentaresch Fro n°6235 zu dem selwechte Sujet ze verweisen.

Wat d'Zuele vun den Accidenter ugeet, ergëtt sech folgend Bild:

Année	Accidents avec usage téléphone	Conducteurs ayant téléphoné	Piétons ayant téléphoné	Personnes décédées	Blessés graves	Blessés légers
2013	12	8	4	2	3	9
2014	7	6	1	0	3	11
2015	12	9	3	1	4	11
2016	8	3	5	0	3	6
2017	18	13	6	0	2	20
2018	16	12	4	1	7	16
2019	19	17	2	0	5	22
2020	8	6	2	0	1	13
2021	13	11	3	0	3	17

Generell ass zu den Zuelen awer ze soen, datt am Moment den Noweis vum Handy mat vill Opwand vu Säite vun der Police verbonnen ass, an eng automatesch Kontroll vill fir d'Sécherheet op eise Stroosse kéint bäidroen.

Et ass net virgesinn, datt een an Zukunft d'Fräispriechanlag ka vun de Steieren ofsetzen.

Lëtzebuerg, den 1. Dezember 2022.

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch